N°6752
Entrée le 10.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n°6752 vum 1. September 2022 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Prix de l'électricité sur les bornes de recharge"**

**1. Wäerten d'Präisser vum Stroum op den Elektroborne méi deier ginn? Wa jo ëm wéi vill?**

Et ass schwéier pauschal ofzeschätzen, wéi héich dës Hausse wäert sinn, well et gréisstendeels dovun ofhänkt, wéi di eenzel Bornebedreiwer hire Stroum akafen. Dobäi ass ze bemierken, dass den Endpräis op de Bornë sech net eleng aus den Energiekäschten zesummesetzt, mee och aus dem Netztarif, den Taxen an de Käschte fir d'Borne selwer ze amortiséieren. Do dernieft ass bei den ëffentlech zougängleche Luetstatiounen den Endpräis och ofhängeg dervu wéi de Luetservice-Provider (Fr: fournisseur de service de charge) eng Präishausse op seng jeeweileg Tarifstruktur (Präis pro geluede Kilowattstonn, Abonnementspräis,...) applizéiert.

**2. Wann d'Präisser an d'Luucht ginn, wäert d'Regierung hei Hëllefe fir d'Konsumenten ubidden, fir dass dës duerch den Ëmstig op een Elektroauto net bestrooft ginn an d'Kafe vun esou engem Auto attraktiv bleift?**

D'Regierung huet am Kader vun der Tripartite eng Stabiliséierung vun de Stroumpräisser fir Haushaltsclienten op den Niveau vun 2022 decidéiert. Dëst kënnt domadder och de Leit ze gutt déi hiren Elektroauto doheem lueden. D'Regierung ass och am gaangen ze kucken, wéi eng Mesurë sënnvoll an noutwenneg si fir d'Notzer vun den ëffentlechen zougänglechen Elektrobornen.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2022

De Minister fir Energie

(s.) Claude Turmes